***Alle Jahre wieder*: Wéi Dir jo all wësst fueren mir bei de Scouten nëtt nom Kalennerjoer, mais nom Scoutsjoer, dat sëch um Schouljoer orientéiert. Mein Aperçu z'Joert op der Generalversammlung hat mat der Summervakanz 2013 opgehal. Duerfir wëll ëch Iech elo hei, an der nämlechter Logik, en Iwerbléck ginn, iwert d'Aktivitéiten vun eisem Grupp am Scoutsjoer 2013/2014 also tëschend dem 15. September 2013 an dem 14. September 2014.**

Mais virdrun well ech nach en Nachtrag op d'Saison 2012/2013 virbréngen, deen ech Iech d'läscht Joer op dëser Plaatz ënnerschlo'en hat, vun deem ech awer fannen, datt e sollt erwähnt ginn. Duerfir also besser spéit wéi nie:

- Vum 24.bis den 26. Abrëll 2013 hun d'LGS nees déi härtste Scouten vum Land gesicht. Fir den **Iron Scout 2013** huet et nees geheescht a 24 Stonnen 65 km ze wanderen. Een vun de wéinegen Jonken (4?), déi 2013 de ganzen Wee gepackt hun war eise Frënd de Carlo Glod. Respekt virun der Leeschtung. Duelem war alt nees dobei. Och 2013 hunn d'Organisteuren awer net nëmme Bloderen un de Féiss gesammelt, mä och Suen fir d'Fondation Thierry van Werveke: Et sinn am Ganzen 8.000 Euro zesummekomm.

elo also
D'Scouts-Joer 2013/2014 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Dënschdes de 17te September 2013 haat de Steve eis Cheffen all fir den **1. Grupperoot** vun der neier Saison an den Home geruff. Hei gouf Bilan gezunn iwert de gemeinsame Summercamp, an Datumer gesicht fir déi nächst Projeten am neie Scoutsjoer. Den Owend huet e flotten Oofschloss fonnt duerch de Chris, deen eis zur Feier vu sengem Gebuertsdag den Dag selwer, op eng Coupe Schampes an e Stéck Kuch invitéiert huet.
- Fir Mëttwochs den 18te September 2013 hat eise Verband, d'LGS op Walferdéng op de **Kongress 2013** invitéiert. Esou hu sech, zur Eröffnung vun der neier Saison eng grouss Delegatioun vun 8 vun eise Cheffen zu Walfer afonnt. Dëse Kongress ass en noutwendegt Iwwel, d'Generalversammlung vun eisem Verband. Mat de villen Branchen a Gruppen ass ganz vill Aktivitéit ze rapportéieren a si ganz vill nei Projeten viirzestellen. Daat an detailreich Finanzrapport a Budget suergen duerfir, dass et ëmmer e langen Owend gëtt. Mais am Sënn vun Transparenz an enger demokratescher Verbandsféierung ass et nett anescht méiglech.
- Samsdes den 21te September war bei eise **RaRo** de Sammeltrieb ausgebrach. De ganze Mëtteg hu sie an allméigleche Gäert Mirabellen gerëselt a geraaft fir um 1ten Adventssamsdeg Drëpp ze brennen. Um Enn hate sie 300 kg gudd zeideg Friichten zesummen. Daat huet op eng gudd Drëpp hoffen gelooss!
- Fir Sondes den 22ten September stoung dunn och zu Walfer, den **LGS-Cheffdag 2013** um Menu. Eng Partie Leit aus eiser Chefféquippe hu sech also op Walfer beginn, wou de Verband eng nei Formel ausprobéiert huet fir dësen Cheffdag méih farweg a méih individuell nëtzlech fir all Cheffen ze gestalten. Iwert 30 Atelier'en stoungen zur Auswiel mat de verschiddensten Offerten an Info'en. Duerfir gouf awer ganz op déi traditionnel Brancheversammlungen verzicht. Mol kucken ob sech dest Konzept duerchsetze waert. Nomëttes hun d'LGS Cheffen nach zesummen en neie Weltrekord am Zéien vun engem voll besaatene Bus opgestallt, an esou gewisen, datt sie „staark fir mur" sinn, wéi den aktuelle mot d'ordre vum Verband et viirgëtt. Elo konnt déi nei Saison lass goen.
- Fir Samsdes den 28te September hate mir nees an de Schoulen zu Duelem, Weiler, Elveng an op anere Plaatzen via Flyeren d'Kanner aus den éischten 3 Schouljoeren op eise **Schnupperdaag** invitéiert. D'Biber an d'Wëllefcherscheffen haten och hir Kanner fir Mëttes tëscht 14:00 a 16:00 bestallt, fir esou mat eise Schnupperkandidaten eng flott Versammlung ze erliewen. Eng Kaffisstuff mat Eisekuch a Gedrénks gouf vun 5 vun eise weidere Cheffen organiséiert, fir d'Elteren ze enkadréieren an sie a Gespréich an Dokumentatioun mat eisem Verein bekannt ze maachen. D'Wieder waar an der Reih, an esou hate mir um Enn

iwert 15 nei Kanner konnten begeeschteren. D'Zukunft huet elo musse weisen, ob déi Begeeschterung unhällt.

- Freides de 25. Oktober 2015 war eis Wëllefcherschefféquippe verstârkt duerch Vertrieder vu bal alle Branchen, um Dill, fir eiser Frëndin dem **Cheryl** de Réck ze staipen. Hat gouf deen Dag op der Gemeng mat **sengem Habibi bestued.** An daat konnt jo nëtt goen ouni eis Matwierkung a Form vun e puer Scoutsméissegen Epreuven. Nom Motto „ kleine Gemeinheiten erhalten die Feindschaft :-) „ .
- Et war nees **Montéeszeit**. Zeit fir eis gestaanen an erfuere Scouten un eng nächst héicher Branche virun ze ginn, a fir nei jonk Frënn vun ënnen nozekréien. Doduerch bleift garantéiert, dass e Kand oder ee Jugendlechen, ëmmer an engem ziemlech gleichaltregen Emfeld ass, an Aktivitéiten an Erfahrungen erlieft, déi sengem jeweilegen Alter ugepasst sinn.
- Schon eng Woch virdrun den 19.10.2013 haten **d'Wëllef** an enger spannender **MontéesVersammlung**, 4 nei Frënn aus de Biber bei sech opgehollt. Mat engem Hypnosespill an engem Puzzle iwert déi verschidde Pisten déi e Wëllefchen a senger Carrière muss hannert sech brëngen hun de Luc, den Tiago, den Jason an de Chris, bewisen, dass sie grouss a stark genuch wieren, fir elo den hellbloe Biberfoullard géint de gielen Wëllefchersfoullard auszetauschen.
- Och vum Montéesféiwer gepaakt hu sech, vum 25-26.10.2013 **d'Carapio** am neien Chalet vun de Wuermer Scouten RV. gin, fir ënnert dem Thema „ Rätselraum" en zünftegen **Montées WE** ze erliewen. Mat pedagogesch wertvolle Kimspiller an e puer klassesche Montéesgissereien hun héi eeler Carapio'en de Greenhorns en éischte Viirgeschmaach gin, op daat waat engem an dëser Branche bléie kann. Datt dovun och mol kee Chef verschount bleift weisen ons hir Fotoen.
- Vu Freides dem 8ten owends bis Sondes den 10. November nomëttes hu sech eis **RaRo** fir hire **MontéesWE** an der Muselgéigend erëmgedriwwen. E ganz variéierte Programm vun Iwernuechten an enger primitiver Hütte, Höhlenforschung, Kellereivisite an Ausprobéieren vun de Méiglechkeeten vum neie Chalet vun de Wuermer Scouten huet den neie Kandidaten e Viirgeschmach ginn, op daat, waat sie bei de RaRo erwaard.
- A schlieslech haten sech eis **Avex**, mat hiren neie Kandidaten fir de **Montéesweekend** vum 16. op de 17ten November 2013 zu Suessem aquartéiert. Ennert dem Thema **elton vs simon,** hun d'Montées-Kandidaten eng ganz Rëtsch vun Aufgaben mussten léisen, éih sie sech hiren neie Foullard verdéngt haten. Domat waren d'Montéen fir an déi nei Saison gelaaf, an d'Branchen konnten an den normalen Versamlungsalldag erëmkommen.
- Fir Samsdes de 16. November 2013 owends hat d'RaRo-equippe vum Verband, an der jo och e puer vun eise Frënn matschaffen, invitéiert op **d'Odysseenight 2013**. Op dëser Soirée, bei der de Chefscout de Grand.-duc Jean trotz senger 93 Joer wollt dobeisinn, gouf Réckbléck gemacht op daat, waat d'lëtzebuerger RaRo'en a 5 Projet'en an dësem Joer gemacht haten, fir d'Welt e bësche besser ze maachen. Op eege Käschten, et muss ëmmer nees betount ginn, hu sech eis jonk Leit op de Wee gemacht fir a Bosnien, a Brasilien, a Georgien, an Indien an am Senegal mat Jonker aus deene frieme Länner a Kulturen zesummen Opbauarbecht ze leeschten, e Camp ze erliewen an dobei Land a Kultur kennenzeléieren. Nett wéineg houfreg ware mir, dass och aus eisem Grupp idealistesch jonk Mënschen bei esou enger groussarteger Aktioun dobei waren. D'Emel an de Fonny als Wiederholungstäter haten an der Ouschtervakanz an Indien matgehollef, während d'Julie am Summer mat an de Senegal gefuer ass, fir do seng Kompetenzen anzebréngen, an sein Horizont mat enger eemoleger Erfahrung ze erweideren. Um Enn vun der Soirée sinn eng ganz Reih RaRo mat dem internationalen Insigne vum „ Scout of the world award" fir hier éischt Partizipatioun un esou engem Projet ausgezeechent gin. Och eist Julie war een vun den houfrege Lauréaten. A wann hatt och deen Owend nett konnt perséinlech seng Auszeechnung entgéinthuelen, et huet awer geheescht: Duelem war nees eng Kéier dobei!
- Ab Donnegdes dem 28ten November 2013 owends ass et onroueg gin an an ëm de Scoutshome zu Duelem. En Unhänger voll Dännekränz hunn drop gewaard vu fleissegen Hänn a schéin Adventskränz transforméiert ze ginn. Den 1. Advent stung virun der Diir. Eis scho bewährten nei Adventskranzéquippe haat, no verschiddenen Virbereedungsversammlungen, alles bereet fir datt mir Samsdes den 30ten November **d'Adventskrantzaktioun 2013** zur Zefriddenheet vun eisen treie Client'en an och zu eiser eegener Zefriddenheet duerchzéien konnten. Och eise Caissier hat e ganz zefriddene Gesiichtsausdrock, wéi hien d'Recette vun der Aktioun an Hänn hat.

- Dee selwechten Daag waren och eis **RaRo** nees mat enger ganz extra Aktioun um Dill. Am Hierscht hate sie jo eng 300 kg gudd zeideg Mirabellen gesammelt an agemaacht. Déi sollten haut gebrannt ginn. De ganzen Daag hu sie beim Jean-Paul um Haff gewuddert, an dobei nach Experimenter a Ballistik mat enger Gromperekanoun gemaacht. Um Enn vun engem laangen Daag haten sie eng 30 Liter **Mirabellendrëpp** gebrannt. Tester duerch nëtt an d'Brennen implizéierte Leit hun erginn, dass dëss Drëpp excellent geroden ass, an esouguer de Vergleich mat deieren an präméierten Kraider vu professionelle Brenner nett ze scheie braucht.
- Den nächsten Daag, den 1ten Dezember 2013 um 1. Adventssondeg hate mir nees eng Equippe vu Cheffen zesummekritt, fir bei der **Porte ouverte vum Buttek Mosaik** zu Fëlschdreff mat eisem Gromperekichelchersstand e klenge Steng an dee grousse Mosaik vun Hëllefbereetschaft a geliefter handgreiflecher Nächsteléift anzebréngen, deen do ronderëm de Buttek all Joer entsteet. Et ass fir eis all Joers eng schéin Méiglechkeet, ënnert gudde Frënn gemeinsam eng BA als Astëmmung op d'Adventszeit ze maachen, an esou matzehëllefen, d'Welt e klengt bëssche besser ze maachen, sou wéi eise Grënner de BP eis et jo opgedroen huet.
- Fir Samsdes de 7ten Dezember hate mir eis Cheffen, eis Amicale an eis Albatrossen invitéiert, fir mattsen am Wanter de Summercamp offiziel zu Enn ze bréngen. Waat waar do geschitt? Ma well eisen Amicale-Albatross-Daag um Summercamp zu Losheim nëtt zu eiser Zefriddenheet ausgeféiert gi war, hate mir du beschloss, am Hierscht eis Exploratioun un der Saar ënnert bessere Konditiounen an a Rouh nozehuelen. Eng 24 Scouten a Frënn vun de Scouten stoungen elo also bereet, fir mat der **HIAUDE-Nachlese,** och hiren Extra fir de gemeinsamen Summercamp ze erliewen. Ugefang hu mir mat enger Waiprouf zu Kanzem un der Saar am Weingut von Othegraven, daat dem bäschtbekannten TV-Moderator Günther Jauch gehéiert. Nom Mëttegiessen an enger klenger Microbrauerei, si mir zesummen op e Fousstour gestart, deen eis iwert 10 km laanscht de rekonstruéierten réimeschen Tempelbeziirk vun Tawern geféiert huet. Hei hu mir nach, an den allerläschten Räschter vum Daagesliicht, e Geocache gesicht, an, oh Wunder, och fonnt! Am Stackdeischteren iwert Bulliswéer si mir dunn nees bei eis Autoe komm. Déi läscht Etappe huet eis erof op Saarburg geféiert, wou mir am Reen de wonnerschéinen Krëschtmaart beim Waasserfall erlieft hun, éih mir eis zum Ofschloss ronderëm e gudde Menu zesummefonnt hun. Elo war de Summercamp 2013 en due forme ofgeschloss!
- Vum nächsten Daag un stoungen vun elo un all WE e puer Leit vun eis beim **AS Adventure de Leit hir Cadeaux'en fir Krëschtdag anzepaken**, an op déi Manéier, e puer honnert Euro zur Sanéierung vun eiser Kees zesummenzedroen.
- Fir Dënschdes den 10ten Dezember 2013 hate mir Generalmobilmachung ausgeruff. Mat 55 Leit si mir géint der Owend an der Coque zesummekomm, fir do bei der **night of the proms 2013** de Catering ze assuréieren. Op dëss Manéier gëtt eis villstrapazéierte Kees ëmmer nees e wéineg opgepäppelt, a fir eis Leit, ass et d'Geleegenheet e flotte Spektakel gratis matzeerliewen. E grousse Merci allen Elteren a Frënn fir hir Mathëllef, ouni déi mir esou eng grouss Zuel vun tatkräftegen Helferlein nie zesummekriten.
- Freides den 13. Dezember 2013 haten **RaRo an Albatrossen** emol eng nei Iddie op Lager. Hir Versammlung hu sie zesummen op de **Krëschtmaart an d'Staad** verluecht an esou e puer flotter Stonnen zesummen verbruecht.
- Donnegdes den 19ten Dezember 2013 hu sech eng Handvoll Cheffen a Scouten op de Wee op Sandweiler gemacht. **D'Friddensliicht vu Betlehem** war vun de Sandweiler Guiden a Scouten de WE virdrun vu Wien aus op Lëtzebuerg bruecht gin. Op dësem Owend wollte sie et an enger flotter Feier mat Fakelzuch a Veillée un déi aner Gruppen aus Lëtzebuerg weiderverdeelen. Leider huet een musse feststellen, dass eigentlech nëmmen wéineg Gruppen a Leit der Invitatioun gefollegt waren. Daat war schued fir eis Sandweiler Kollegen, déi sech vill Gedanken an Arbecht ronderem hiren Asatz gemacht haten. Hoffentlech ass et nett e weidert Zeechen vun enger wuessender Interesselousegkeet an eiser Gesellschaft vis-à-vis vun allem waat mat dem Glaawen ze dinn huet.
- 20 Joer Duelemer Guiden a Scouten, daat begreift och eng ganz Rëtsch vun Gebraicher, déi een schon roueg als Traditiounen bezeechnen kann. Duerzou gehéiert ganz sëcher och eis jährlech **Krëschtfeier** am Grupp. An deem Sënn hate mir all eis 122 beim Verband ageschriwwe Memberen fir Samsdes den 21ten Dezember nomëttes invitéiert, fir zesummen mat enger reliéiser Veillée zu Fëlschdreff an der Kiirch, enger Escorte vum Friddensliicht vu Fëlschdreff op Duelem, enger géigenseiteger Bescheerung, Gesank an nett

zulescht engem gemeinsamen Iessen am Home, eis Viirfreed op d'Gebuert vu Jesus Christus ze feieren. Et war eng schéin Feier, nett zuläscht dank dem Steve sengem kulinareschem Savoir-faire. Mais och hei huet engem d'Fehlen vu bal 2/3 vun eise Memberen (besonnesch de Jugendlechen) ze denken ginn.

- Mais et war nëtt vill Zeit fir grouss Iwerléungen. Helleg Owend stung virun der Diir. An och op dësem Daag hu mir eng Traditioun opgebaut, déi muench engem vun den anciens Combattants un d'Häerz gewues ass. Gemengt ass de Gebrauch, op helleg Owend mam **Friddensliicht vu Betlehem** an den Dierfer ronderëm op den Tour ze goen, fir dëss Flaam, déi op der selwechter Plaatz gebuer gouf, wéi virun 2013 Joer eisen Erléiser, bei eeler oder krank Leit ze brengen, an hinnen domat e klenge Liichtstrahl an enger deischterer Zeit ze schenken. Et ass jo nett vun ongeféier, dass dess Flaam zu Betlehem ugefang gëtt, an nëtt zB zu New York um Sëtz vun der UNO. Dëss kleng, fragile Flaam schwätzt vun eiser Erléisung, déi a Jesus Christus méiglech ass, wa mir daat wëllen unhuelen. Leider muss een hei feststellen, dass eisen Opruff daat Joer op extrem wéineg Äntwert gestouss ass bei de Kanner a Jonken. Grad emol 2 Explorer waren do, fir mat 3 Cheffen eng 29 Leit ze besichen. Et waren dëss Visiten, wéi sou oft, zum Deel ganz bewegend a mat Tréinen verbonnen. Daat weist ëmmer nees, wéi Leit op en Zeechen vun Hoffnung waarden, an erfëllt eis, déi mir daat Liicht brengen, mat stëller Genugtuung a Freed daat Richtegt gemacht ze hun mat eiser Zeit. Mir haten dëst Joer esouguer d'Geleegenheet, eng stiewenskrank Persoun ze besichen, déi eise Besuch nach materlieft an ugehollt huet, an déi den aneren Daag an d'Eiwegkeet bei eisen Erléiser gang ass.
- Mais och no dësem Tour wollte mir d'Hänn nach nett an de Schouss lé'en. Mir haten eis nach viirgeholt, fir de Leit no der Krëschtdagsmass zu Duelem, eng kleng Freed ze maachen. An deem Sënn hu mir eis am Fong vun der Kiirch installéiert, fir do Glühwein, Schoky, Krëschtdagsgebäck an d'Friddensliicht vu Betlehem ze verschenken. Och stoungen 3 vun eise Frënn mat hiren Instrumenter bereet, fir mat hirem Spill vu bekannte Krëschtdaagsweisen, e wéineg vun der Heemlechkeet opkommen ze loossen, déi vill vun eis aus der Kannerzeit als kostbar Erënnerung am Härz droen. Leider sinn déi meescht Käerzen vum wëlle Sturm virun der Kiirch ausgeblose gin, mais ganz vill Leit haten awer de Cadeau ugehollt, an daat huet eis frouh an zefridden am Häerz gemaacht. Elo konnte mir richteg Krëschtdaag feieren an eise Familljen.
- Fir Dënschdes den 21. Januar 2014 hate mir nees eis Gemengeresponsabel, eis Memberen eis Frënn an d'Elteren vun eise Kanner a Jugendlechen zur alljährlecher **Generalversammlung 2014** an eisen Home invitéiert. E gudd gefëlltenen Aktivitéitsrapport huet Zeechnis gin vun der ongebrachener Vitalitéit vun eisem Verein. An och eise Caissier wousst vun enger gesonder Finanzlag ze beriichten, waat him duerch eis Keesserevisoren och bestätegt gi war, sou dass d'Assemblée him ouni Weideres Décharge konnt ginn. Op eis Nofro hin hun eis d'Gemengeresponsabel versëchert, d'Baugenehmegung fir eisen Holzschapp wir an Aussicht, an domat sténg dem Ufank vun dem Ouvrage deen eis RaRo weitgehend selwer wëllen iwerhuelen, nett méih vill am Wee.
- Vun elo un huet sech quasi alles an eisem Grupp op déi nächst Aktivitéit fokusséiert eisem Scoutsteater wou all Branche mat eegene Beiträg op oder ronderem d'Bühn wollt implizéiert sinn.Wâhrend déi eng méih oder manner eifreg geprouft hun, ass sech bei de RaRo vill Gedanken gemaacht gin, fir déi adequat „Köstlechkeeten" ze bestëmmen, mat deenen eise Gäscht hire Gaumen an de Pausen sollt verwinnt gin.
- Donneschdes de 6te Februar war am Bar des anciens emol eng weider lass. Um Wee op Orléans war am viireschte Summer d'Diskussioun op eng aal lëtzebuerger Spezialitéit komm, nämlech „Staerzelen" waat déi meescht vun den Albatrossen do nëtt kannt hun. Deem Mangel u Wëssen iwert e Stéck aallëtzbuerger Kichentraditioun sollt elo ofgehollef gin. Duerfir hat eis Frëndin a Wanderbegleederin d'Monique Watgen, eis fir dësen 1ten Donnegdeg am Februar op e **Stäerzelenowend** an den Home invitéiert. D'Duerdeel iwert dësen Traditionnelle Kascht aus enger aler Käerenzort ass zwar öennerschiedlech ausgefall, awer op mannst woust elo jidfereen deen dobei war, waat Stäerzele sinn an op hien se gär huet; An e flotten Owend hate mir nach dobei.
- Den 8ten an 9ten Februar 2014 war et dun esou weit, **eise Scoutsteater 2014** sollt zu Duelem am Centre culturel iwert d'Bühn goen. Ugefang hun eis Biber mat „de Bir Rupidu sicht e Frënd fir d'Liewen". Du koumen eis Wëllefcher mat „Aliens zu Duelem". De Pilier vum Owend waren d'Avex mat hirem Draiakter „ den Onstierflechen". D'Embauzeiten op der Bühn hun eis Carapio mat „Eppes Klenges fir zwëschenduerch" verkiirzt. Och wann eis Kees gestëmmt huet, ware mir dëst Joer awer nett ganz zefridden mat eiser

teatralescher Gesammtleeschtung. Eise Bilan nom Teater huet erginn, dass mir de Konzept vun engem ze grousse Stéck, mussen iwerdenken, an dass mir och méih sollten oppassen, ob eis Stécker dem Alter vun eisen Akteuren ugepasst sinn. Mais nujee Nobody is perfect, a wéit sot de BP: „learning by Doing" !!

- Denschdes drop, den 11te Februar 2014, hu mir eis nees zu Duelem RV ginn. Et goung drëms de Räscht Onuerdnung an eisem Material nom Teater ze beseitegen, an zesummen mat enger 50 Memberen den **21ten Gebuertsdag** vun eisem Grupp ze feieren. Heifir huet sech eng flott Formule agebiergert, bei der een Deel vun de Cheffen allerhand Guddes um Grill zoubereeden, an en aneren Deel vun der Chefféquippe an etlech Mammen vun eise Scouten Zaloten oder Dessert'en beisteieren.
- Fir Samsdegs de 15te März 2014 hate mir eis selwer nach e läschte Cadeau ze maachen fir eisen 20te Gebuertsdag deen mir eigentlech jo 2013 ausgiebegst gefeiert haten. Eise Frënd de Ben hat sech e grousst Kreiz opgelueden, fir eis **en Dokumentärfilm iwert déi 1. 20 Joer Grupp hellege Mäerten Duelem** zesummenzestellen. Wann een sech viirstellt, datt de Ben, bei dem gréissten Deel vun deenen Aktivitéiten, déi hien elo sollt an engem Film viirstellen,nach guer nett selwer konnt dobei sinn, well hien einfach nach ze jonk war, a wann een da bedenkt, dass hien sech an déi vill dausenden Foto'en a Filmer, déi anerer an 20 Joer gemacht haten, eréischt huet missen Stéck fir Stéck erakucken an erandenken, da kann een sech en ongeféiert Bild maachen vun der Arbecht déi hien sech hei viirgehollt hat. Intervievs mat eenzelnen Cheffen aus dem Ufank oder duerno, huet hien mat eise Biller an Verknüpfung vun zeitgeschichtlechem Kontexter zu engem héichamusanten Film vun 90 Minuten zesummegemixt deen och fir nett ageweihter nach gudd ze kucken ass. Wéi vill Zeit hien hei investéiert huet, wees jhust hien selwer; et war eng Riesenarbecht! An deen Dokumentär sollt nach eise Gebuertsdagscamp zu Losheim agebaut ginn, also konnt fréitstens am Hierscht 2013 mat der Présentatioun gerechent gin. Bis all Interviewpartner terminlech verfügbar waren an de ganze Projet Land gesinn huet, war 2013 um Enn, an mir hun eis gefroot, wéi mir dem Ben seng vill Arbecht gebührend würdege kéinten. Duerfir gouf festgehalen, nëtt an der Woch owends esou niewebai am Home, mais op engem Samsdeg am Nomëtteg an engem richtege Kinossall „eise" Film öffentlech ze présentéieren. De Choix ass op de Sall vum Kino „le Paris" zu Betebuerg gefall, deen de richtege Kader, déi néideg Technik a genuch Plaatz fir eis Premiaire an eng uschléissend Rezeptioun konnt bidden. Bei der Gelegenheet gouf eise Ben nach mat engem Oskar fir d'Regie am bäschten 20 Joerfilm iwert d'Duelemer Scouten vun allen Zeiten, an engem klenge Cadeau ausgezeechent. Zanterhir schwätzt den Andy Bausch kee Wuert méih mam Ben.
- Esou een flotte Moment wollte mir nett einfach esou zu Enn goen loossen, an duerfir hate mir, in weiser Voraussicht, eist **alljährlecht Iessen mat Cheffen, Amicale an eisen Helfer** op der Scoutskirmes, op dêsen selwechten Owend geluecht, sou dass mir déi vill flott Erënnerungen an Andréck aus dem Film an der Rezeptioun , direkt zu Welfréng bei engem gudde Maufel verdéiwen konnten. Iwregens sinn der Filmer nach ze kréien, wann en Interesséierten evt. eidel ausgange wier. Wend Iech nemmen un de Ben oder soss een aus der Chefféquippe.
- Mëttwochs den 19te Mäerz 2014 war nees en Daag, deen eis mat Stolz konnt erfëllen. D'Lëtzebuerger Fondatioun vum mérite jeunesse hat eng ganz Rëtsch vu Jonken zeréckbehalen, fir si op dësem Daag am Gebai vum Forum um Geesseknäppchen fir Efforten am Kader vum **mérite jeunesse** auszezeechnen. Wéi déi läscht 5 Joer war och dëst Joer nees een vun eise Frënn mat op der Lëscht. Den Chad Vandivinit war geruff, fir den Insigne am Sëlwer iwerreecht ze kréien fir domat seng kontinuéierlech Leeschtungen um Gebidd Altruismus, Kultur, Aventure a Sport ze honoréieren. De Prënz Guillaume, de Jugendminister Claude Meisch an esouguer de Grand-Duc Jean hun et fir néideg fonnt, mat hirer Präsenz de jonke Leit Respekt ze erweisen fir hiren Engagement an der Gesellschaft. Mat enger klenger Delegatioun ware mir mat, fir dem Chad de Réck ze staipen (an der gudder Schnitterscher ze fruppsen). Duelem war alt nees dobei. Hoffentlech hun eis aktuel Kandidaten genuch Ausdauer, fir datt dess Veranstaltung och an Zukunft nëtt ouni Duelemer Präsenz iwert d'Bühn geet.
- Den 30ten März, waren eis **Carapio** zu Leideléng mat op de **JOCAPI** (Journée Carapio) 2014. Et ass daat en alljährleche nationale Meeting vun dëser Branche, déi ënnert Form vun engem Rally stattfënnt. D'Traditioun wëllt, datt de Gewënner d'Editioun vum nächste Joer ausriicht. Well déi Klierfer sech viirgedrängt hun, ass de Jocapi nächst Joer dann eben nett zu Duelem. Mais mir haten eis mat dem 8. Rang bei 29 Equippen awer nëtt schlecht aus der Affaire gezunn!

- Vu Gréngem-Donnegdeg owends bis KaarFreides owends, war dëst Joer nees eng Kéier eng Viirbereedung op Ouschteren mat den **Avex** um Programm. **D'Operatioun Getsemani** hat, no 2 Joer Paus, nees genuch Interessente fonnt fir eng nei Editioun ze erliewen. Esou hun sech e puer Jongen a Meedercher mat 2 Cheffen zu Réimech afonnt, fir zesummen déi Mass matzefeieren, déi eis drun erënnert datt de Jesus eis d'Eucharistie geschenkt huet , an der Nuecht wou hien verrode gouf an wou hien, fir eis den Doud op sech gehollt huet. Et gouf an dësem Joer eng ganz erfreelech Neierung. D'Mme. Steffi Mielert, eis Jugendreferentin hat et sech nett huele gelooss, fir dëss Démarche matzemachen an matzegestalten. Esou si mir no engem NuetsMarsch duerch de Bësch zu Duelem am Home ukomm. Do huet eng laang Veillée mat Spiel des Lebens, an anschliessender Reflektioun iwert eis Liewensbedingungen an déi vun anere Mënschen op eis gewaart. Well mir jo de Jesus a senger schwéierster Stonn nett wollten eléng loossen, hu mir nach ganz spéit an der Nuecht nach zesummengesiess, fir Taizélidder ze sangen an ze bieden. Schlieslech hu mir alleguer gudd midd op eise Carrymatten am Home geschloof. Den nächsten Daag, also Karfreideg goung et intensiv virun, Sichen no de Spuren vu Gott an der Welt an an eisem Liewen, gemeinnützlech Botz- a Raum-aktioun an eisem Home, Trapperkichen, Kannerkraizwee zu Réimech an Ausenannersetzung mam Graafduch vun Turin stungen um Programm, deen mat engem gemeinsamen bescheidene Faaschteniessen op en Enn gang ass.
- Fir Samsdegs de 26ten Abrëll 2014, hat eis Gemeng d'Vereiner op eng **Grousbotzaktioun** geruff, fir Weer a Gewaan fir d'Fréijoer vum Dreck ze befreien deen verantwortungslous Zeitgenoossen ëmmer nach a grousse Mengen dobaussen hannerloossen. Mat eise Kanner a Jugendlechen ware mir eng grouss Delegatioun , beim Botzen , awer och beim Verdillegen vun der Grillade no der Arbecht.
- Fir Samsdegs den 10te Mee 2014 hu mir eis mat ville Scouten am Home versammelt fir eis op de **Pélé des jeunes 2014** anzestëmmen. No enger themengerechter Veillée, wollte mir eigentlech probéieren e bëschen ze schlofen. Mais op eemol ware mir an de Karaokegesang gerutscht, an daat huet eis beschäftegt bis et Zeit war opzebriechen. Mat 18 Pilger si um 1 Auer nuets hei zu Duelem lassgang. Flott war, dass mir ënnerwee genuch Vertrauen zueneen haten, fir zesummen e puer Gesätzer vum Rousekranz ze bieden. Schlieslech ware mir um Wee bei d'Tréischterin an nëtt op engem Hike. Trotz ganz schlechten Aussichten, si mir drëschen an der Stadt ukomm, wou sech gleich e Reporterteam vun RTL op eis jonk Pilger gestiirzt huet. Dem Deborah seng Ausso'en iwert seng Grënn matzepilgeren waren der Redaktioun anscheinend nett weltlech genuch, sie hun se nett gesendt. Well mir am José eng gudd trei Frëndin hun, déi sech nett beschwéiert, fir aneren eppes Guddes ze dinn a wann et matten an der Nuecht ass, krute mir och nach um halwe Wee tëschend Contern an Itzeg, eng kleng Stärkung mat zockerhaltegem Gedrénks a Kichelcher. Daat huet iwert den 1ten Down ewechgehollef. No der Pélésmass, huet eis de Wee op de Mäertchen geféiert, wou mir an enger Bud zesummen Kaffi gedronk hun. Déi gudd Traditiounen musse schlieslech agehale ginn.
- Sondes den 18te Mee hat d'Wëllefcherséquippe vum Verband, all d'Wëllefchersruddelen aus dem Land op den nationalen **Wëllefchersrallye** geruff, deen dëst Joer vun de Scouten vun Nideranven ausgeriicht gouf. Och hei waren eis Wëllefcher mat enger Delegatioun dobei fir déi gestallten Aufgaben ze erledegen, an eis Farwen um Senningerbierg ze vertrieden.
- Samsdes de 24ten Mee 2014 hat d'EAR all d'Biber an d'Wëllef aus dem Land invitéiert fir während der Oktave an **d'Biber-Wëllechersandacht** an d'Kathedrale ze kommen. Wéi schon déi 2 läschter Joeren waren virun der Andacht. déi em 17:00 ugoung, eng Stonn laang Spiller a flott Aktivitéiten organiséiert gin. A well d'Wieder sech vu senger bäschter Sait gewisen huet, konnten eis Kanner aus deene 2 Branchen zesummen, mat enger 300 Biber a Wëllef aus dem ganze Land, e flotten nomëtteg an der Stadt erliewen a gleichzeiteg hat déi schéin al lëtzebuerger Traditioun vun der Muttergottesoktave eng Plaatz an hirem Kalenner.
- Eng aner schéin awer arbechtsreich Traditioun stung virun der Diir. Scho Sondes de 25te Mee hun eis grouss Scouten a Cheffen op der Wiss nees e groussen Holzturm opgeriicht a mat eise Schwarzzeltdicher agekleed. En Zeechen datt **d'Scoutskirmes 2014** nett méih weit wier. An Dënschdes de 27ten ass dunn vun alle Saiten Material op d'Scoutswiss bruecht gin. Owends sin d'Zelter opgeriicht gin, an d'Infrastruktur gouf no an no installéiert. Em 22:00 Auer gouf et, vun den Albatrossen agricht an offeréiert, déi 3. Summerraclette mat Glühwein op der LGS-Bühn. De ganzen Mëttwoch ass weider gewuddert gin op der Wiss, bis schlieslech owends alles bereet war fir den 3. **Newcomerfestival** zu Duelem, deen dest Joer esouguer nach den nächsten Daag virugang ass. Interessant Nimm hate mir op der Affiche

mat Benny and the bugs, Flight 19, Gray Station, Traffic Jam, District 7, Malt & Blues. Den Daag drop, hu mir eise Memberen RV gin an der Kiirch fir mat der Matgestaltung a Matfeier vun der Mass op Christihimmelfahrt, eis Kirmes en due forme anzelauden. E flotte Kiirmesdaag mat ville Gäscht, dem Volleyballturnéier, dem Kouhscheissspill, a ville Spiller fir d'Kanner huet eis e ganzen Daag an Otem gehalen, an owens ware mir midd awer zefridden, wéi mir eis Zelter nees drëschen agepakt haten, a wéi mir de verklärte Bléck vum Tim, eisem Caissier gesinn hun.

- Donnegdes den 3. Juli 2014 hate mir en trauregen RV. D'Mme **Anna Seil-Kieffer** war gestuerwen a gouf op dësem Daag begruewen. Hei wollte mir Duelemer Scouten op kee Fall fehlen fir 2 vun eise Cheffefrënn an der Trauer ëm hir Bomi, an de Guy an d'Anny beim Verloscht vun hirer Mamm resp. Schwéiermamm ze encadréieren.
- Samsdes de 5.07.2014 haten déi Beggener Scouten de **Bibertreff 2014** um Eescherfeld organiséiert. Och hei waren eis Faarwen durch eng Delegatioun vun den Duelemer Biber gudd vertrueden.
- Donnegdes den 10te Juli, sollten **d'Albatrossen** fir de läschte Bar des anciens vun der Saison nach emol richteg zouschloen. Zu 10 Leit, dovun 1 Zuschauer, si si op Metz op **d'Cartpiste** gefuer, fir do emol daat ze maachen, waat op den normale Stroossen verbued ass, nämlech hemmungslos rasen. Datt daat nett nëmmen eng Männerdomaine ass huet d'Martine gewisen, waat eng Superperformance viirgeluecht huet an esou gestane Männer hannert sech gelooss huet.
- Fir Méindes de 14ten Juli hat eise Gruppecheff de Steve eis nees op de **läschte Grupperot** vun der Saison bestallt. Daat ass ëmmer de schnellste Grupperoot vum Joer, mat besonnesch wéineg Divers, well de Steve eis zum Enn vum offiziellen Deel op eng Grillade invitéiert fir sei Gebuertsdag ze feieren. Him sief vun dëser Plaatz nach emol härzlech Merci gesoot. Op déi Manéier klengt d'Scoutsjoer ganz gemittlech aus.
- Vum 17. bis den 20. Juli waren eis jéngste Scouten zu ganz vill ënnerwee fir hire **Biber-Summercamp „zu Kayl mam Asterix"** ze erliewen. SuperSummerwieder, an en enormen Asatz vun eiser Chefféquipe hun eise klenge Nowues-Gallier eng schéin Zeit erméiglecht. mat groussem Asatz hun sech eis Biber laanscht Réimer a Monsteren gekämpft, fir mat Hëllef vum Zaubertrank den Cäesar ze verdreiwen. Ganz schéin war hei ze gesinn, wéi 4 vun eisen neien, jonke Cheffen hiren éischten Asatz bei esou engem Camp haten. Si hun sech alleguer ganz gudd aus der Affaire gezun an hu vill zum Gesamtsuccès vun desem memorable Camp beigedroen. Ech kann nëmme soen: weider esou! Mir brauchen Iech.
- Währendeem sinn och eis Frënn vun de Wëllefcher opgebrach fir sech zu Schëtter am Home vun de Castors Scouten vum 19ten bis den 23te Juli fir hire Summercamp anzeriichten. Op dem **Indy-Camp 2014**, hu sie op de Spueren vum Dr. Jones, besser bekannt als den Indiana-Jones, Aventures à gogo erlieft. Mat Schatzsich, Véilléen, Atelier'en (Gips, Kniet Kaart Kompass), Geheimschreften , Schwemm zu Niederanven, Filmowend, Viste am Geschichtsmusée, Gänsespill, Nuetspill, a vill Spaass a Spiller soss hun eis Cheffen de Kanner eng schéin a wertvoll Zeit geschenkt. Als aktiv Schatzjé'er hu si sech och mat Geocaching vertraut gemaacht, a selbstänneg e puer der verstoppten Virwetztuten fonnt. Och en eegene Kanner-Cache hu sie als Merci un d'Scouten vu Schëtter hannerlooss, deen scho vill Succès haat bis elo. Zefridden awer och gudd midd si Cheffen a Kanner Mëttwochs den 23ten nees heemgefuer.
- Deeselwechten Daag huet et och eis Avex nëtt méih doheem gehalen. Zesummen mat enger 740 Avex aus 47 lëtzebuerger Scoutsgruppen an hire Cheffen hate sie RV zu Léideléng-Gare fir den **nationalen Avex-Summer camp 2014** deen ënnert dem Titel **Sabanqar** sech ganz ëm d'Piraten gedréint huet. 11 Deeg, vum 23te Juli bis zum 2ten August hu sie d'Wisen bei der Leidelénger Gare an e riesegt Piratennest verwandelt. Wonnerschéin an themegerecht Konstruktiounen waren opgeriicht gin, a sinn och nach duerch Sëtzgeleegenheeten ergänzt ginn, déi all Grupp extra gebaut a matbruecht haat fir d'Piratespelunk ze équipéieren. Op dësem grousse Camp war nees alles an de Programm gepaakt gin, waat zu engem richtege Scoutscamp gehéiert, Konstruktiounen, Schlofen am Zelt, Kachen um Feier, en Hike vun 2 Deeg, e freien Daag, en Nuetsspill e Besucherdaag mat Campkirmes, a vill Veillé'en an soss Aktivitéiten, déi duerfir gesucht hun, dass keng Langweil opkomm ass. Et war esouvill lass, dass eis grouss Avex, déi am Hierscht an d'Carapio'en sollte goen, emol nett a Rouh konnten hirt Verspriechen maachen sou dass daat op den Hierscht vertagt ginn ass. A wéi et bei de Piraten nëtt verwonnerlech ass, waren hir Kojen och nach eng Kéier gutt naass gin, wéi eis Avex op hirem freien Daag fort waren, an en richtegt Donnerwieder, um Camp Mast und Schoten bruch hannerlooss huet. Mais wéi heescht et am Lidd: „ Das kann doch einen Seemann nicht

erschüttern!" .Op alle Fall waren eis kleng Seeräuber Samsdes den 2. August midd awer zefridden, wéi sie nees an en zivilt Liewen zeréckkomme konnten.

- Mais och no all deenen Aktiounen wollte mir nach keng Rouh ginn. **D'Albatrossen** sinn jo zanter dem Summer 2012 an Etappen **Ënnerwee op Santiago de Compostella**. Nodeems sie 2012 zu Fouss vun Duelem op Verdun gang, an 2013 mam Velo vun Verdun op Orléans gefuer waren, wollten sie 2014 hirem Ziel nees e wéineg méih no kommen. No Schung a Velo sollt dëst Joer en anert Transportmëttel zum Asatz kommen, an esou hu sech 4 vun eise Leit Samsdes den 9ten August 2014 op de Wee un d'Loire gemacht, fir mat 2 Kajaken do virunzefueren, wou sie e Joer virdrun vum Velo geklomm waren. Während 5 Deeg si sie op der Loire, dem läschte groussen westeuropäesche Floss deen nëtt kanaliséiert ass, gepaddelt, an sinn esou iwert 120 km bis 7 km virun Tours komm, wou jo d'Graaf vun eisem Patréiener dem hellege Mäerten ass. Herrlech onberéiert Naturlandschaften konnte sie erliewen an Onmassen vu Waasserviggel. Esouguer e liewege Biber ass hinnen begéint a sie konnten d'Silhouetten vun enger Reih vun de weltberühmte Chateaux de la Loire vum Waasser aus bewonneren. An Owends hu gemittlech Stonnen beim oder am Zelt sie fir d'Strapazen vum Daag belount.
- De läschten Optrëtt an dëser Saison haten nach emol eis **Albatrossen**. Eisen treie Frënd a Member vun der 1. Stonn, de **Jean-Paul Entringer a sei Sonja ware bestuederesch** ginn. Fir Samsdes de 6te September 2014 haten sie alles färdeg gemacht, fir sech zu Duelem an der Porkierch d'Jowuert fir d'Liewen ze ginn. Esouguer eise fréiere Gruppechef an Diakon, de Jang Langehegermann hate sie gewonnen, fir hir Hochzeitsmass zu engem ganz perséinlechen Moment ze maachen. An do wollte mir dach onbedéngt dobei sinn. Jhust den Datum war fir eis bal e Probleem ginn. Et war de Schlussdeel vun der Summervakanz, a wirklech ganz vill vun eise Cheffen Amicalesfrënn an Albatrossen waren deen WE nach an der, oder jhust fort an d'Vakanz. Gottseidank hu mir awer eng Equippe fonnt, déi nett fort war an déi d'Saach an d'Hand gehollt hunn, fir der Brautkoppel op der Kiirchendiir e scoutsméissegen Empfank mat entspriechenden Epreuven ze bereeden. Nodeems d'Sonja eis iwerzeegt haat, datt hat och mam Melkroboter eens gett, an de Jean-Paul aktiv bewisen haat, datt hien sein Sonja op Hänn, oder wéinstens mat der Schuppkaar géif duerch d'Liewen droen, duerften sie nach mam gudde Beispill viirgoen, an eisen Hutt mat e wéineg Mënz fëllen, éih mir sie op den Aperitiv entlooss hun.
- Elo war, no em déi 150 normale Versammlungen mat de Kanner a Jugendlechen aus allen 6 Branchen, no mindestens 6 Grupperéit an enger Partie Virbereedungs - a Planungs Réuniounen vun de Cheffen vun den eenzelne Branchen an den 35 Wochen baussen de Vakanzen, déi eng Saison ausmaachen, endlech Zeit, fir d'Hiem an de Foullard ze wäschen, ze strecken an op d'Sait ze lé'en bis déi nei Saison sollt mat der Rentrée erem ugoen.